

där nämlechter Meenung -, fir eng geschlossen Anstalt ze hunn, wou déi Jugendlech net mat deenen Erwuessenen op där nämlechter Plaz sinn. Et ass also net, fir do e Monopol vun deene Grénge bei enger Fro, wou d'ganz Chamber enger Meenung ass, erauszestrichen. Pour le reste sinn ech frou, datt eng ganz grouss Majoritéit dese Projet wäert ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- Mir kommen dann elo zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Lucien Weiler)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dee virleiede Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir sinn, stëmme mat Jo, déi dogéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 49 Jo-Stëmmen a 6 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung (par M. Marco Schank), Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel (par M. Jeannot Belling), Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par Mme Maggy Nagel), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Gusty Graas), John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delyvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Jeannot Krecké et Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Aly Jaerling), Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp (par M. Fernand Greisen) et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

4. Hommage à la mémoire de M. Jos Wohlfart, Député honoraire

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, kuerz nodeem mir him vun där Plaz aus fir säin 80. Gebuertsdag gratuléiert hunn, muss ech Iech leider matdeelen, datt dee fréieren Deputéierte Jos Wohlfart eis haut fir ëmmer verlooss huet.

D'Nouvelle vu sengem Doud rifft an deenen, déi hie gutt kannt hunn a mat him op der Chamber- a Regierungsbänk zesumme souden, e Koup vun Erënnerungen zréck un e Politiker, deem säin Asaz virbildlech war an deen als Deputéierten a Member vum Chambersbureau, mä och als Innenminister a Member vum Europaparlament, vill fir d'Land a seng Leit gemaach huet.

Besonnenesch am Uelzechtdall huet hien als LSAP-Politiker vill Idealismus an Dynamismus un den Dag geluegt. Dat konnt hie besonnenesch gutt, well hie laang Jore Buergermeeschter vu senger Heemechtsstad Luerenzweiler an zäitweileg och President vun der Association des Villes et Communes war.

Och no sengem Oftrëtt aus der aktiver Politik huet e sech ëm d'Wuel besonnenesch vun deenen eelere Matbierger bekëmmert an d'Fondatioun Amiperas während laange Jore presidéiert.

Nom Krich, wou en zwangsrekrutéiert war, huet de Jos Wohlfart d'Ligue "Ons Jongen" matgegrënnt an esou d'Resistenzbewegung weiderhi matgedroen.

De Jos Wohlfart gëtt e Freiden de Mëtte bäigesat.

Senger Famill, besonnenesch eisem Kolleeg Georges Wohlfart, a senger Komeroden aus der LSAP wëll ech vun där Plaz aus soen, datt mir hir Trauer deelen an zesumme mat hinnen dee Verstuerwenen a grousser Éier hale wëllen. Loosse mer senger dofir ee Moment am Stëlle gedenken.

(Minute de silence)

Ech soen Iech merci.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4553 iwwert de Finanzsektor. D'Riedezäit ass nom Modell 0 festgeluegt.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Graas, Gibéryen a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Norbert Haupt.

5. Projet de loi 4553 portant transposition de la directive 97/9/CE relative aux systèmes d'indemnisation des investisseurs et modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 4553 gesäit d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv an eis Gesetzgebung vir a complétiert domat och d'Gesetz vun 1993 iwwert de Finanzsecteur.

D'Zil vun där Direktiv ass et, déi kleng Investisseuren deelweis géint d'Insolvabilitéit vun hirer Bank, respektiv vun hirer Entreprise d'investissement ze schützen. Firwat nëmmen deelweis? Ma well d'Direktiv - an och de Projet - virgesäit, dass den Investisseur maximal Urecht huet op eng Entschiedegung vun 20.000 Euro, an eise Projet och déi Dispositioun virgesäit, déi an der Direktiv enthalen ass, dass bei Créancé vu manner wéi 20.000 Euro net déi ganz Créance iwwert de Système d'indemnisation ka gedeckt ginn, mä dass nëmme bis zu 90% vun där Créance bräichten erëmbezuelt ze ginn.

Et kann een och nach soen, dass net all Investisseuren indemniséiert ginn oder ofgedeckt sinn, well de System jo net spillt am Fall vun enger Faillite, wou den Investisseur d'Méiglechkeet hätt, säi Geld erëm ze kréien. Dat ass besonnesch de Fall bei verschiddene Finanzinstrumenter, déi ëmmer am perséinleche Besëtz vum Investisseur bleiwen an domat bei der Faillite net an d'Mass vun de Créancé falen.

De Projet gesäit de Prinzip vun der obligatorescher Adhësioun zu engem Entschiedegungssystem vir, d.h. dass all Bank an all Entreprise d'investissement, déi sech hei zu Lëtzebuerg wëll etabléieren, zu sou engem System muss bäitrieden, anerefalls se keng Autorisation d'établissement hei kritt. Et falen also ënnert déi Oblatioun:

- alleguer déi Lëtzebuurger Banken, déi hei zu Lëtzebuerg etabléiert sinn,

- déi Lëtzebuurger Banken, déi eng Filial an engem anere Land vun der EU hunn; déi Filiale falen also och drënner, an

- déi Filiale vun auslännesche Banken, deenen hire Sëtz an engem anere Land wéi engem vun der EU ass.

Et falen net déi Filiale vun auslännesche Banken drënner, déi hire Sëtz an engem EU-Land hunn, well déi Filiale jo iwwert d'Direktiv an deem Land musse sou engem System bäitrieden. Déi brauchen also net nach hei zu Lëtzebuerg deem Entschiedegungssystem bäizetrieden.

De Projet gesäit och vir, dass d'Banken - et besteet jo zënter zwee Jor och schonn e Système de garantie des dépôts, hei kënn en zweete Système de garantie derbäi - nëmmen engem eenzege System brauche bäizetrieden.

Am Projet ass och festgeluegt, dass am Fall vun enger Créance op eng Bank, wou souwuel de Système de garantie des dépôts wéi de Système d'indemnisation vun den Investisseuren spillt, nëmmen de Système de garantie des dépôts an Usproch geholl gëtt, soudatt verhënnert gëtt, dass deeselwechte Créancier zweemol indemniséiert ka ginn.

D'Chambre de Commerce an de Statsrot hunn hiren Accord zu deemem Projet ginn. De Statsrot huet virgeschloen eng Dispositioun an d'Gesetz anzefügen, dass de Liquidateur vun enger Faillite obligatoresch mat deenen zwee Systemer muss collaboréieren, fir dass am Fall geholl den Investisseur sou schnell wéi méiglech kann indemniséiert ginn.

D'Kommissioun huet unanime dëse Projet ugehall a schléit der Chamber vir, en esou wéi e vun der Regierung amendéiert ginn ass, ze adoptéieren. Ech ginn domat och d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen Iech merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Kollege Alex Bodry.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et handelt sech heibäi ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv.

Domat seet een alles, wat de Spillraum vum Lëtzebuurger Législateur ugeet. Et ass eng Direktiv, déi scho virun etlecher Zäit verabschied ginn ass. Den Dépôt vum Projet de loi geet jo op de März 1999 zrëck, also nach ënnert der viregter Regierung. Ech ginn also dovun aus, dass et e gudden Text ass, deen hei diskutéiert gëtt!

Dee weínege Spillraum, deen d'Lëtzebuurger Regierung an de Législateur hei hunn, ass gutt genotzt ginn an deemem Fall, well d'Optioun geholl ginn ass, fir nieft deem besteende System vun der Dépôtsgarantie elo deen heite System vun der Indemnitioun vun den Investisseuren an engem eenheetleche System unzegoen, also net parallel zwee Systemer bestoen ze hunn. Deen eenheetleche Protektiounssystem schléisst praktesch och aus - wat jo och d'Direktiv fuerdert -, dass et an Zukunft zu duebelen Indemnitiounen ka kommen.

Et ass, menger Ansicht no, och richtig, dass d'Regierung an déi zoustänneg Chamberskommissioun mam Statsrot op de Wee gaange sinn, fir d'Oblatiounen, déi d'Liquidateuren vun de Failliten hunn, méi kloer festzelleen a se praktesch elo hei zur Collaboratioun ze obligéieren, dat souwuel wat d'Indemnitioun ugeet wéi och wat d'Dépôtsgarantie ubelaangt.

Et kann een driwwer diskutéieren, ob et richtig ass, fir - sou nom Prinzip dass déi kleng Investisseuren solle responsabiliséiert ginn - eng Aart Franchise anzeféieren vun 10%, allerdéngs nëmme bis zu engem Plaffong, wou déi Indemnitioun net spillt. Dat ass déi eenzeg Fro, wou ee ka gedeelter Meenung sinn. Mä de Fait, dass d'Couverture awer am Prinzip 90% ausmécht, mengen ech, bréngt et mat sech, dass déi dote Proportioun eigentlech net déi Bedeutung huet, soudass een déi hei kann ausklammern.

Ech perséinlech hätt éischer gesot: Firwat déi dote Franchise maachen - déi ass esou geréng - a firwat net

eng ganz Indemnisation spille loossen? Et ass hei eng aner Optioun geholl ginn, mä well dat awer relativ wäit geet an der Couverture, ass dat net weider dramatesch an de prakteschen Auswierkungen.

Eng lescht Suggestioun, déi ech wollt ophuelen, ass déi, déi och de Statsrot a sengem Avis gemaach huet, fir nom Vote vun deem heiten Text en Texte coordonné am Memorial ze veröfentlechen iwwert d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993, dat de Finanzsektor regelt, well dat ass d'Basisgesetz vun eiser Place financière an et ass schrecklech wichteg, mengen ech, dass do ëmmer en allerleschten Text zur Verfügung steet, deen deene leschte Reforme Rechnung dréit. Ech wär frou, wann d'Regierung déi Suggestioun och géif opgräifen.

Dat gesot, géif ech den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Text abréngen. Merci!

M. le Président.- Als nächsten huet elo de Kolleg Gusty Graas d'Wuert.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, och am Numm vun der DP-Fraktioun e puer Remarken zu dësem Gesetzesprojet ze maachen.

Ech wëll fir d'éischt awer dem Rapporteur, dem Här Hauptert, merci soen an em och félicitéiere fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Bericht.

De 24. Mäerz 1993 gouf jo hei an der Chamber e Gesetz gestëmmt, dat déi finanziell Aktivitéiten an eise Land regele sollt. Engersäits goung et ëm den Zougang zu de berufflechen Aktivitéiten an deem Sektor, an anersäits ëm déi berufflech Verflechtungen an och Responsabilitéiten. Dat war d'Ëmsetzung vun där sougenannter zweeter Bankendirektiv.

Haut soll dëst Gesetz also, elo scho fir déi 8. Kéier, modifizéiert ginn. Dat ass awer och e Bewäis, dass de Législateur permanent gewëllt ass, d'Finanzplatz Lëtzebuerg un déi international Entwécklung unzepassen, fir dass se och weiderhi kompetitiv bleift.

Am Projet de loi 4553, dee mer haut diskutéieren, geet et ëm d'Indemnitéitssystemer fir d'Investisseuren. Besonnesch déi kleng Investisseure solle jo virun eventuelle Perten am Fall vun enger Défaillance bei enger Bank oder enger Investmentfirma geschützt ginn.

Ech wëll besonnesch ervirsträichen, dass all d'Etablissements de crédit an all d'Entreprises d'investissement vu Lëtzebuerger Recht an dëse System obligatoresch mat agebonne ginn, onofhängeg dovun ob si hei zu Lëtzebuerg, an engem aneren EU-Stat oder souguer an engem Drëttland funktionéieren. Insgesamt gëtt also d'Sécurité juridique vun den Investisseuren duerch eng Rei vu Moossname verbessert. Der Commission de Surveillance du Secteur financier fällt iwweralls an dësem Beräich och eng zousätzlech wichteg Roll zou.

Och besteet eng Informationspflicht vis-à-vis vum Investisseur iwwert d'Couverturen, déi vum System offréiert ginn. Wéinst der grousser Komplexitéit vun

dësem System, freet jo och d'Chambre de Commerce an hirem Avis vum 12. Juli 1999, ob een net sollt zu engem eenzege Schutzsystem iwwergoen, dat heescht also ee grouss System en faveur vum Schutz vun den Déposanten an och vun den Investisseuren. An dësem Kontext wëll ech iwweralls och op d'Positioun vun der AGDL hiweisen, der Association pour la Garantie des Dépôts.

Wéi och mäi Virriedner hei scho bemierkt huet, sinn ech och der Meenung, well eben elo scho sou vill Ännerungen un dësem wichtige Gesetz an deene leschte Jore virgeholl goufen - wéi gesot, haut déi 8. -, dass et opportun wär, en Texte coordonné an deem Sënn am Memorial ze publizéieren.

Ofschléissend wëll ech am Numm vun der DP d'Zoustëmmung zu dësem Gesetzesprojet bréngen, deen derzou bäidréit, de Kader fir d'Investisseure vun der Finanzplatz Lëtzebuerg nach méi interessant ze maachen.

Ech soen Iech merci!

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Kolleg Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och bei dësem Projet d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président.- Den Här François Bausch huet d'Wuert.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- De Rapporteur war sou ausgiebig, dass ech näischt méi brauch bäizefügen, an ech ginn och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

M. le Président.- Dann huet den Här Aloyse Bisdorff d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir hutt elo grad gesot, dass d'Riedezäit nom Modell 0 festgeluegt wär, dat géif also fir mech eng Minutt bedeuten!

Ech wëll Iech do eng Fro stellen, Här President: Wéi schnell laaft Dir nach ee Kilometer? Loosse mer soen, a fënnf Minutten, wat keng schlecht Zäit wär, da géift Der just 200 Meter lafen, an da wär meng Riedezäit schonn eriwuer.

Dofir wollt ech froen, Här President, well hei jo lo viles geschwat gëtt an deem Sënn, besonnesch wat déi Konventiounen ubelaangt, déi herno kommen, ob et méiglech wär, dass ech do déi Zäite vun deene 5 Konventiounen zesummen an enger Kéier kéint huelen, dat heescht dass ech also 5 Minutte kéint zu deene 5 Konventiounen schwätzen.

(Interruptions)

De Bericht vun der Kommissioun betrëfft och déi 5 Konventionen. Et ass kee Bericht gemaach gi fir all eenzel Konventioun!

Elo wëll ech nämme just déi heite Bemierkung maachen. Mir gesinn, dass et hei bei der Ëmsetzung vun

enger EU-Direktiv ëmmer erëm esou gehandhaabt gëtt, wéi eis Lëtzebuerger Regierung dat ëmmer gemaach huet, dat heescht, si hëlt de Minimum vu Reglementatiounen un, deen nëmmen dran ass. Si schäfft all Méiglechkeeten aus, geet net dodriwwer. Well déi 20.000 Euro, dat ass e Minimum; si hätt wäit doriwwer kënnen erausgoen.

Besonnenesch ugesiichts der Tatsaach, dass elo bei verschiddene Firmen, wou d'Euphorie grouss war a leschter Zäit, déi "start-up", dass déi elo a grouss Schwieregkeete kommen, an dass do eventuell Failliten opkommen, déi géife bedenken, dass eng verséichert Zomm vun 800.000 Frang net onbedéngt vill ass.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Wirtschaftsminister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech soen der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung.

Wat d'Situatioun ugeet, fir en Texte coordonné ze publizéieren, wäert ech mengem Kolleg Finanzminister dee Wonsch mat op de Wee ginn.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugehall.

Dir Dammen an Dir Hären, well mer Problemer mam informatesche System hunn, proposéieren ech Iech méi spéit iwwert dëse Projet ofzestëmmen.

(Assentiment)

Mir kommen elo zur Diskussioun vun de Projets de loi 4517, 4624, 4645, 4646 a 4667 iwwert Besteierungsofkommesse mat Usbekistan, Kanada, der Mongolei, Südafrika a Portugal.

Déi fënnef Projete ginn ënnert engem Punkt behandelt. D'Riedezäit ass nom Modell 0 festgeluegt. Et hu sech fir d'Diskussioun schonn ageschriwwen: déi Häre Krecké, Graas, Gibéryen a Bausch.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vun deene fënnef Projeten, den honorablen Här Norbert Hauptert.

6. Projet de loi 4517 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Ouzbékistan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 2 juillet 1997

Projet de loi 4624 portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement du Canada en vue d'éviter les doubles impositions et de prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts

sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 10 septembre 1999

Projet de loi 4645 portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la Mongolie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Ulaanbaator, le 5 juin 1998

Projet de loi 4646 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République d'Afrique du Sud tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, signée à Luxembourg, le 23 novembre 1998

Projet de loi 4667 portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République portugaise tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir l'évasion fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune et du Protocole y relatif, signés à Bruxelles, le 25 mai 1999

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert héchstwahrscheinlech méi wéi fënnef Minutten zu deene Projete schwätzen, mä mat Sécherheet keng 25, well déi Projete jo alleguer deeselwechten Zweck hunn, d'Approbatoun vun Duebelbesteierungsofkommesse mat fënnef Länner: Usbekistan, Kanada, Mongolei, Südafrika a Portugal.

Erlaabt mer, vläicht kuerz op d'Zil vun esou engem Duebelbesteierungsofkommes anzegoen, den Opbau an den Inhalt vun esou enger Konventioun ze beschreiwen a besonnenesch op de Prinzip vun der Besteierung vun deenen eenzelne Revenuen anzegoen an dann d'Particularitéite vun deenen eenzelne Konventiounen ze beschreiwen.

D'Zil vun engem Duebelbesteierungsofkommes ass éischstens, d'Regele festzeleeën, wou déi Leit, déi an engem Land wunnen, oder déi Betriber, déi an engem Land hire Siège hunn, an nach an engem anere Land schaffe respektiv Aktivitéiten dévéléppéieren, besteiert ginn, fir doduerch besonnenesch d'Duebelbesteierung ze verhënneren.

Den zweeten Objektiv vun esou enger Konventioun ass et, Accenter ze setzen, fir d'Leit an d'Betriber, déi an engem Land wunnen, ze encouragéieren an dat anert Land schaffen ze goen, respektiv ze investéieren, fir esou zum wirtschaftlechen Dévéléppement an deem Land bäizedroen.

En drëtten Objektiv vun esou enger Konventioun ass et eng Steuerhannerzéiung ze évitéieren, doduerch dass